

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Schulkantinen sollen weniger Fleisch anbieten", deen de 26. Februar 2021 op essentiel.lu publizéiert gouf, heescht et, datt de Bedreiwere vun d'Schoukantinnen an Zukunft méi Produiten aus regionaler Produktioun sollen ubidden.

Duerfir hunn ech un den Här Landwirtschaftsminister an un den Här Schoulminister folgend Nofro:

- 1) Op Basis vu wéi enge Verdeelungsschlësseele ginn d'Lëtzebuenger Fleesch, Uebst- a Geméisbauere bis lo beim Beliwwe vu Restopolis berücksichtegt?
- 2) Wéi vill vun de Liewensmëttel déi an de Kantine vu Restopolis verschafft ginn, kommen aktuell aus dem Ausland?
- 3) Aus wéi engen eenzele Länner kommen déi Liewensmëttel?
- 4) Wéi sinn se undeeleg op déi eenzel Länner verdeelt?
- 5) Wéi gëtt séchergestellt, datt Restopolis nëmme Produiten aus dem Ausland bezitt, wann absolut kee lëtzebuergesche Fournisseur disponibel ass?
- 6) Wéi eng Mechanisme vun der Qualitéitskontroll sinn aktuell en place, fir de Fall, datt Liewensmëttel fir d'Schoukantinnen aus Drëttlänner mussen importéiert ginn?
- 7) Wéi vill Suen huet de Staat während dem Schouljoer 2019/20, fir auslännesch Liewensmëttel an de Schoukantinnen ausginn? Wéi vill während dem Schouljoer 2018/19.
- 8) Hunn d'Schüler an d'Enseignants eng Méiglechkeet, ze consultéieren, aus wéi enger Regioun hiert Mëttegiesse staamt? Falls net, wéi soll des Transparenz zukünfteg garantéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten